N°3030
Entrée le 14.11.2025
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Digitalisation

**Äntwert vun der Ministesch fir Digitaliséierung op d'parlamentaresch Fro n° 3030 vum 14. Oktober 2025 vum Här Deputéierte Marc Goergen.**

1. **Existéieren intern Kontrollinstrumenter oder Warnungen, déi op abusiivt oder anormaalt Verhalen an de Verwaltungen opmierksam maachen, wann ee Beamten iwwerduerchschnëttlech vill op Donnéeën zeréckgräift?**

2. **Firwat kréien d'Bierger net proaktiv automatesch eng Pushnoochricht iwwert myguichet, wa Verwaltunge perséinlech Informatiounen iwwert si nosichen?**

3. **Wäert d'Regierung den Delai vu 6 Méint eropsetzen? Falls nee, wat schwätzt dogéint?**

Wéi an der Äntwert op d'Fro 364 vum 20. Februar 2024 vun den Hären Deputéierte Sven Clement a Ben Polidori geschriwwen, gesäit den Artikel 6 vum « Règlement grand-ducal modifié du 28 novembre 2013 fixant les modalités d'application de la loi du 19 juin 2013 relative à l'identification des personnes physiques » vir, dass all Zougang zum Regëster op Basis vun enger « authentification forte » gemaach gëtt, sou dass de Beamten deen eng Consultatioun duerchgefouert huet, eendeiteg kann identifizéiert ginn. Wéi eng Kontroll Mechanismen en place gesat ginn fir ze kontrolléieren ob een abusiivt Verhale bei den Zougäng zum Regëster stattfonnt huet ënnerläit deene jeeweilege Verwaltungen.

All Administratioun, déi en Accès op den RNPP huet, ka beispillsweis vu senge Beamten eng obligatoresch Saisie vun engem Motiv verlaangen a jee no hire spezifesche Missiounen a Besoine Kontrollen duerchféieren.

Den Delai vu 6 Méint, deen et erlaabt dem Bierger op MyGuichet.lu no ze verfollegen, wéi eng Verwaltungen op seng perséinlech Donnéeën zeréckgegraff hunn ass, wéi den honorabelen Députéierten et präziséiert, am Gesetz RNPP vum 19. Juni 2013 virgesinn.

Am Kader vum Once Only an dem DGA, huet d'Regierung am Gesetzesprojet 8395 proposéiert, dass Bierger a Betriber deenen hir Donnéeën erëm verwäert ginn, dës Informatiounen iwwert een neie Point d'Information unique kënnen agesinn.

Lëtzebuerg, den 14/11/2025.

D'Ministesch fir Digitalisierung

(s.) Stéphanie Obertin